



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

Luxembourg, le 02 AVR. 2021

REÇU
Par Christine Wirtgen , 11:00, 02/04/2021

A

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Dossier suivi par :
Francine May
247- 84687
qp@msi.etat.lu

Objet : Question parlementaire n° 3899 du 22 mars 2021 de Monsieur le Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

Äntwert vum Här Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet, op parlamentaresch Fro n° 3899 vum 22. Mäerz 2021 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement iwwert "Manifestatiounen géint déi sanitär Mesuren"

D'Police iwwerpréift am Virfeld émmer, ob déi Manifestatiounen mat den néidege sanitären Oplagen sätens den zoustännegen Autoritéiten autoriséiert sinn. Virun den Manifestatiounen fannen déi noutwenneg Uweisunge sätens der Police statt. D'Police ass zoustänneg fir den Ordre public ze assuréieren, de geplangten Oflaf vun der Manifestatioun an dass et net eskaléiert, spriech zu Infraktioune kënnt (Gewalttätegeet, etc.).

D'Police mécht hei énnert anerem déi generell Constatatiounen, déi se am Kader vun der Loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 mécht. Falls Verstéiss géint d'sanitär Mesure vun de Beamten festgestallt ginn, gëtt d'Feststellung vermittels AT/Convocation oder engem Protokoll gemaach. An dësem spezifesche Fall ginn den Organisateur an eventuell déi respektiv Participanten vun deenen Manifestatiounen protokolléiert an de Rapport/PV geet un de Parquet. Contrairement zu den allgemeine Behaaptungen wor an ass dëst systematesch de Fall bei deenen dote Manifestatiounen. Erschwéierend kënnt hei awer derbäi, dass Leit aus deene Manifestatiounen medizinesch certifiéiert Exemptioun par rapport zum Port de masque hunn.

Déi judiciaire Autoritéiten huelen dann déi fir si appropriéiert Décisiounen. Déi administrativ Autoritéite ginn och hirersäits am Nachhinein sätens der Police iwwert den Oflaf informéiert an huelen dann och déi vun hinnen als appropriéiert estiméiert Mesuren.

Sätens der Police gëtt et hei keng selektiv Feststellung.

D'Asazkonzept vun der Police ass generell émmer deeskaliéierend a respektéiert déi elementar Regele vum Rechtsstaat, vun der nationaler Constitutioun a vun der Déclaration des Droits de l'Homme. Et muss émmer de Prinzipie vun der Proportionalitéit vun den agesate Mëttelen an der absoluter Noutwennegkeet vum Usage de la force Rechnung gedroe ginn am Hibleck op d'Opléise vu legal autoriséierte Manifestatiounen, well dat da just duerch Zwangsmëttelen a Gewalt géif goen. Wann et natierlech sollt sätens de Manifestanten zu Gewalttätegeeten kommen, kann d'Police émmer op Basis vun der Légitime défense an dem Policegesetz proportional Gewalt uwennen an eventuell d'Manifestatioun opléisen, mee dat wor bis elo nach net de Fall gewiescht.